# Honnertzwielef 112

DE MAGASINN
VUN DE LËTZBUERGER
POMPJEEËN

FEBRUAR 2026/N°17




6
**ACTUALITÉS**
Nei Grade
fir de CGDIS

26
**INSIGHT CGDIS**
Steve Meyer:
neien Direkter
vun der DSO

30
**SOUS LES PROJECTEURS**
Charte
des valeurs

38
**DANS LES TUYAUX**
Le SIG en boussole de la
stratégie opérationnelle
du CGDIS

CGDIS
CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

**PUBLIÉ PAR**
Corps grand-ducal d'incendie et de secours

**CONTACTS**

**En cas d'urgence** : 112

**Numéros utiles** :

| | |
|---|---|
| Standard téléphonique : | 49771-1 |
| Service communication : | 49771-2046 |
| Département des pompiers volontaires : | 49771-2332 |
| INFS (formation) : | 49771-2500 |

**E-mail** :
info@cgdis.lu

**Contact rédaction** :
communication@cgdis.lu

**ADRESSE**
3 Boulevard de Kockelscheuer, L-1821 Luxembourg

**PRODUIT PAR**
Direction générale - Service communication

**CONTACT**
communication@cgdis.lu

Impression
Imprimerie Centrale - Gasperich

© 2026 CGDIS

Tous droits réservés.
Toute reproduction ou adaptation, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite du CGDIS.

FSC

MyClimate


PHOTO : ©CGDIS

**COVER**
Visuel zu der neier Charte des valeurs vum CGDIS.



# Edito

De Brand an der Silvesternuecht an enger Bar zu Crans-Montana an der Schwäiz, huet gewisen, wéi séier eng gewéinlech Situatioun an eng geféierlech Dynamik ëmkippe kann. Esou Evenementer erënneren eis drun, datt Präventioun net nëmmen eng technesch Moossnam ass, mee eng Haltung, déi am Alldag adoptéiert muss ginn. Kleng Gesten, gutt Virbereedung an eng gezielten Opmierksamkeet kënnen entscheedend dozou bäidroen, d'Risiken ze reduzéieren an d'Sécherheet vun allen ze verbesseren.

Dës Realitéit ënnersträicht och d'Bedeitung vun de Wäerter, déi d'Handele vum CGDIS leeden. Eng professionell Astellung ass d'Basis, op där all fräiwëllegen an haaptberuffleche Member seng Missioun kompetent a gewëssenhaft erfëllt. Vertrauensvoll Kommunikatioun an eng kontinuéierlech Weiderentwécklung maachen et méiglech, och komplex Situatiounen ugepasst an effizient ze meeschteren.

D'Engagement vun eise Memberen ass dobäi onersetzlech. Mat Häerz, Verstand a Courage setzen si sech fir de Schutz vu Mënschen, Ëmwelt a Besëtz, als Eenzelpersoun an als Ekipp, an. Dobäi spillt och d'Solidaritéit eng zentral Roll : bannent dem CGDIS an an der Gesellschaft. Mat Respekt, Disziplin an Empathie ënnerstëtze mir eis géigesäiteg a schaffen Hand an Hand mat allen Acteuren.

Ech wëll hei dovu profitéieren, fir all de Memberen a Mataarbechter*inne vum CGDIS egrousse Merci ze soe fir hiert Engagement am Déngscht vun eise Matbierger.

Zum Schluss bleift d'Zouverlässegkeete Fundament vun eiser Wäerte-Charta. Op de CGDIS ass Verlooss, duerch Integritéit, Gläichbehandlung an eng Aarbechtsweis, déi Vertrauen an Inklusioun stäerkt.

**Paul Schroeder**
Directeur général

# Sommaire








ACTUALITÉS

06 Un oeil sur de Grand-Duché

16 Un oeil sur la planète

LA VIE À LA CASERNE

20 Gëllene Lio

22 Réorganisation territoriale Uelzechtdall

INSIGHT CGDIS

26 Steve Meyer: neien Direkter vun der DSO

SOUS LES PROJECTEURS

30 Charte des valeurs

34 Assises du volontariat







DANS LES TUYAUX

38 Le SIG en boussole de la stratégie opérationnelle du CGDIS

DERRIÈRE LES COULISSES

42 Exercice lux-Airport

SUR LA TOILE

44 #cgdis112

Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) est en pleine croissance. Les projets sont nombreux et l'actualité autour des pompiers au Luxembourg mais également à l'étranger est bouillonnante. En voici un petit aperçu.

# Actualités



Epaulette vum Major-Grad mam neie Monogramm vum Grand-Duc Guillaume

**LËTZEBUERG**

# Nei Grade fir de CGDIS

CGDIS CGDIS

Graden. E Wuert, dat nawell ëmmer vill Uklang bei de Membere vum CGDIS fënnt. An awer ass net all Detail iwwert d'Grade gewosst. Wousst dir zum Beispill, dass 13.600 Grade säit der Kreatioun vum CGDIS ausgedeelt goufen? Dozou zielen d'Galon'en, d'Fourreaux'en an d'Epauletten.

Mee fänke mer vu vir un. 2018 goufen nei Grade gebraucht, déi fir all Entitéit déi zum CGDIS fusionéiert ass, gëllen. Eng perfekt Geleeënheet den Design e bëssen ze veränneren. Sou goufen aus Graden, déi virum CGDIS haaptsächlech aus Sträife bestanen hunn, Grade mat Sträifen a Stären. De Stär, mat senge 5 Zacken, huet iwwregens eng Bedeitung. All Zack steet fir eng vun de 5 Entitéiten, déi sech 2018 zesummegedoen, a soumat de CGDIS gegrënnt hunn.

3 Kadere goufen definéiert, déi alleguer hir eege Graden hunn:

- De Cadre de base, mat roude Sträifen a sëlwere Stären
- De Cadre moyen, mat sëlwere Sträifen a gëllene Stären
- De Cadre supérieur, mat gëllene Sträifen a Stären.






Doriwwer eraus huet de CGDIS eng extra Branche u Grade fir dat medezinescht Personal vum CGDIS, wéi Dokteren, Infirmieren, Apdikter, Psychologen an och Veterinairen, virgesinn. Och fir Memberen aus engem groupe d'intervention spécialisé (GIS) ginn et eng extra Spart u Graden.

Dës Graden ënnerscheeden sech duerch e rouden Ënnergrond fir déi medezinesch an duerch en donkelgréngen Ënnergrond fir d'GIS-Grade vun den aneren.



Frédéric Boumans: Service Achats, Zoustänneg fir den Akaf vun all de Kleeder am CGDIS



Carole Reckinger: Zoustänneg fir d'Gestioun an d'Distributioun vun Uniformen a Graden

Fir d'Lëtzebuerger Land war d'Joer 2025 haaptsächlech duerch ee wichtegt Evenement gepräägt: den Trounwiessel. De Grand-Duc Henri huet ofgedankt an den Titel vum Staatschef vu Lëtzebuerg u säin eelste Bouf, dem Grand-Duc Guillaume weiderginn. Ween bei de Festivitéiten derbäi wor, weess, dass dat Ganzt mat vill Organisatioun verbonne war. Mee och doriwwer aus, villäicht e bëssen am Hannergrond, ass esou en Trounwiessel mat immens vill Ännerunge verbonnen.

Et ass kee Geheimnis, dass de CGDIS op senge Schëllerstécker de Monogramm vum Grand-Duc Henri dréit. « Sur les fourreaux d'épaules et les pattes d'épaules, l'insigne de grade est surmonté par le monogramme doré du chef de l'État. » Sou steet et am Gesetzestext, deen d'Grade vum CGDIS definéiert. Et läit also op der Hand, dass mam neie Grand-Duc och de neie Monogramm op d'Grade vum CGDIS kënnt. Eng Aufgab déi net all ze schnell iwwert d'Bün leeft, erklären eis de Frédéric Boumans an d'Carole Reckinger aus der Logistik vum CGDIS.

Munch een denkt sech villäicht, dass wann de groussherzoglechen Haff en Trounwiessel annoncéiert, eng staatlech Entitéit wéi de CGDIS direkt lassleeë kann nei Graden ze bestellen. Tëscht deem Gedanken an der Realitéit leien awer Welten dertëscht.

De CGDIS entwërft de Monogramm net, dat ass de groussherzoglechen Haff deen sech ëm den Design vum Monogramm këmmert. Keng onwichteg Tâche, wann ee bedenkt, dass dee Monogramm fir laang Zäit op ganz ville Medien ze gesi wäert sinn. Wann de Monogramme bis festgeluecht ass, dierf de CGDIS deen, ënner strengster Geheimhaltung, éischter kréien, fir sech beschtméiglech op den Trounwiessel virzebereeden. Bis dohi gouf de Monogramm der Ëffentlechkeet nach guer net virgestallt. A sou hëlt de Prozess da säi weidere Laf, erzielt de Frédéric:
"Potentiell Fournisseure gi kontaktéiert, si schécken eis Musterstécker eran, déi da bewäert ginn. Wéi eng Hierstellungsmethod entsprécht eis am beschten? Wéi ee Faarftoun vun de rouden a gréngе Graden ass elo de passendsten? Wéi robust ass de Grad?"
Villäicht bitt den Trounwiessel esou guer d'Méiglechkeet d'Material vum Grad a Fro ze stellen?

Vill Critèrë musse beuecht ginn, éier eng Decisioun getraff gëtt. Eng Decisioun, déi net vum Fred eleng getraff gëtt, sou seet en eis. D'Generaldirektioun vum CGDIS decidéiert wéi eng Graden a Fro kommen an et ass de Generaldirekter selwer, deen dat finaalt Wuert huet. An esou kënnt et, dass d'Graden an Zukunft net méi aus enger Zort Thermoplastik sinn, déi dann op hiren entspriechenden Ënnergrond gepecht ginn. Déi nei Grade sinn nämlech brodéiert. Eng Entscheedung mat Hannergedanken: "E Grad dee brodéiert ass hält ganz einfach méi laang, wéi d'Graden déi bis elo am Asaz waren. Zum Beispill e Gang duerch d'Wäschmaschinn mécht deenen net méi esou vill aus. Dass sech eng Sträif vum Galon mat der Zäit diebelt, sech verfierft oder souguer seng Faarf verléiert geschitt mat engem brodéierte Grad definitiv net méi." erzielt eis d'Carole.

Sou, wéini kritt dann elo jidderee säin neie Grad? Als Startschoss huet d'Bärbelefeier am Dezember 2025 gedéngt, wou déi éischt nei Graden u Pompjeeë verdeelt goufen. De Wonsch ass kloer do, dass all d'Zones de secours d'Grade gläichzäiteg kréie fir zesummen eenheetlech opzetrieden. E geneeën Datum kann awer leider net genannt ginn, verréit mer d'Carole Reckinger, eng Distributioun vu méi wéi 5.300 eenzelne Graden ass keng einfach Aufgab a verlaangt vill Virbereedung Zumools bei iwwer 7.000 Memberen, wouvu keng onerhieflech Unzuel u Membere verschidden Affectatiounen hu mat verschiddene Graden.

Dat ass awer net den eenzege Changement bei de Graden. Wärend de leschte 7 Joren ass de Besoin u weidere Graden entstanen. Esou kënnt am Cadre de base de Grad vum Sergent-major 1ère classe an am Cadre moyen dee vum Sous-lieutenant derbäi.

Doriwwer eraus besteet de Grad vum Lieutenant-aspirant zukünfteg just nach aus enger gëllener Sträif. Och bei de medezinesche Grade kënnt e Grad bäi: dee vum Psycholog.

Dat alles mécht, dass de Prozess, tëscht der Annonce vum Trounwiessel an der tatsächlecher Ausliwwerung vun neie Graden, net eng Saach vun e puer Wochen ass. Eng propper Léisung, verbonne mat enger logescher Ausliwwerung muss gutt duerchduecht sinn a verlaangt méintelaang Planifikatioun awer och Produktioun.

De Frederic an d'Carole hu mer dunn awer nach net eleng gelooss. Ee weidere Projet, wou béid mat dru schaffen, steet aktuell nach op, leeft awer momentan op Héichtouren: d'Fourragère oder och méi einfach "Kordel" genannt. Wärend déi genee Hierkonft vun der Fourragère e bëssen ëmstridden ass, wësse mer awer, dass et zu Lëtzebuerg virun der Kreatioun vum CGDIS deels scho Fourragère gouf, sou de Frederic. De Grand-Duc Henri huet et sech, viru senger Ofdankung, net huele gelooss dem CGDIS d'Fourragère als Unerkennung vu senger Dankbarkeet ze attribuéieren. Wärend enger Zeremonie de 24. September kruten 10 Pompjeeën dës Fourragère symbolesch vum Grand-Duc Henri iwwerreecht.



Nei Fourragère gedroe vum Generaldirekter

Lo stellt sech sécherlech fir deen een oder anere Pompjee d'Fro: Kréien elo just d'Pompjeeë mat enger Gala-Uniform eng Fourragère? Eng berechtegt Fro, grad well fréier just héichgradéiert Pompjeeën esou eng Fourragère gedroen hunn. Dat ass hei awer net esou. Dës héich Distinctioun gouf vum Grand-Duc Henri un de ganze CGDIS attribuéiert, esoudass all operationelle Pompjee, egal ob Cadre de base, moyen oder supérieur, d'Fourragère op senger Uniform dierf droen.

Bis spéitstens Nationalfeierdag 2026 ass virgesinn, dass jiddereen seng Fourragère krut, déi fir besonnesch Uläss op der Uniform däerf gedroe ginn. Déi genee Conditiounen an och d'Instruktioune wéi se richteg gedroe gëtt, gëtt nach wärend den nächste Méint ausgeschafft.

Och bei dësem Projet stoung den Design net vun haut op muer fest. Iwwer d'Form, d'Faarf, bis hin zu de genauen Dimensiounen a Befestegungsméiglechkeete wor et awer e gewëssene Wee bis de finale Modell fir gutt geheescht gouf.



**Wousst der schonn?**
Verschidden Elementer vun der Fourragère hu fir de CGDIS eng bestëmmte Bedeitung: Déi zwee Ferreten sti fir déi zwee grouss Volet'en: Incendie/Sauvetage (INCSA) a Secours à personne (SAP). An, dass de Knuet vun der eenzelner Kordel 5 mol den Tuer mécht ass och keen Zoufall, dës steet fir déi 5 Entitéiten, déi 2018 fusionéiert sinn an de CGDIS gegrënnt hunn. Villäicht mierkt een, dass fir esou e Projet, egal ob fir d'Graden oder fir d'Fourragèren, vill Häerz mat erafléisst.

E Grad oder eng Fourragère ass net nëmmen en Accessoire fir d'Uniform mee se spigelen e gewëssene Stolz an och en Zougehéiregkeetsgefill zum CGDIS erëm.



Léon Gloden lors du Summertour 2025

LËTZEBUERG

# Quelques adaptations à la loi CGDIS

## *(article initialement publié sur le site de la chambre des Députés)*

chd.lu CGDIS

Le projet de loi 8315, porté par le ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, vise à moderniser le texte légal encadrant le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS). Il ne s'agit pas d'une révolution, mais d'une évolution de l'établissement public CGDIS, créé en 2018, a précisé le ministre Léon Gloden aux membres de la Commission des Affaires intérieures début octobre 2025.

L'objectif du projet de loi est de tenir compte des expériences accumulées ces sept dernières années et d'apporter de légères modifications au cadre légal du CGDIS suite aux retours d'expérience et aux besoins du terrain.

Les nouveautés annoncées dans le projet de loi :

- **Le congé spécial pour les pompiers volontaires** : à l'avenir, les employeurs du secteur public seront indemnisés financièrement pour l'absence de leurs pompiers volontaires, ce qui était déjà le cas dans le secteur privé.
- **L'assurance accident pour les pompiers volontaires, la jeunesse et les vétérans** sera formellement inscrite dans le texte lorsque ces derniers participent à des manifestations. Il s'agissait d'une demande importante du terrain, a souligné le Ministre Gloden.
- **Le fonctionnement du conseil d'administration sera adapté** : il sera désormais possible de participer aux réunions par visioconférence ou encore pour les membres du conseil d'administration de déléguer leur pouvoir de vote.
- Le directeur général sera désormais épaulé par un directeur général adjoint.
- Les missions du personnel administratif et technique seront définies plus clairement.
- **Les agents du secteur de la santé** (médecins, infirmiers, psychologues) seront intégrés dans la carrière du pompier professionnel, ce qui constitue une revalorisation de leur carrière.

De manière générale, les députés ont salué l'initiative du gouvernement d'amender le projet de loi pour intégrer une réserve de capacités spécifiques nationale, « RESC-LU », qui permettra au Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) d'intervenir en appui des autorités locales et nationales lorsque la survenance d'une crise nationale ou les conséquences d'un accident, d'un sinistre ou d'une catastrophe dépassent leurs propres capacités de réponse.

Article de la Chambre des Députés:



Vu lénks no riets: Alain Becker, Paul Schroeder, Michael Ebling, Léon Gloden

BESUCH AUS DÄITSCHLAND

# Visitt vum Minister fir bannenzeg Affären a Sport vu Rheinland-Pfalz, Michael Ebling

CGDIS CGDIS

Am Kader vun enger Aarbechtsvisitt op Invitatioun vum Inneminister Léon Gloden, war de Minister fir bannenzeg Affären a Sport vu Rheinland-Pfalz, Michael Ebling, den 18. Dezember 2025 zu Lëtzebuerg. En Deel vum Programm war och eng Visitt am Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS).

Virun der Visitt am CNIS hunn déi zwee Ministeren sech zu engem bilateralen Austausch getraff, wou Theme wéi d'Zesummenaarbecht an der ziviller Sécherheet, de Grenzalarmplang, oder och nach déi national Resilienzstrategie am Mëttelpunkt stoungen.

Am CNIS goufen d'Gäscht vum Generaldirekter Paul Schroeder empfaangen. Bei der Visitt stoung den CSU 112 am Fokus: eng Visitt an der Noutruffzentral mat enger Präsentatioun vun de grenziwwerschreidenden Asätz huet d'Wichtegkeet vun der Zesummenaarbecht tëscht deenen zwee Länner nach eemol ervirgehuewen. Duerno goufen och de Simulatiouns-Rettungswagen (SIM-RTW) an de Läschroboter (ROBO) vum GIS Groupe d'appui technologique opérationnel (GATO) präsentéiert.

Ofgeschloss gouf de Besuch duerch eng gemeinsam Pressekonferenz, bei där déi zwee Inneministeren déi wichteg Léieren aus hirem Austausch presentéiert hunn. Si hunn dobäi d'Bedeitung vun enger enkster Zesummenaarbecht tëscht Lëtzebuerg a Rheinland-Pfalz am Beräich vun der Sécherheet an dem Bevëlkerungsschutz nach eemol ënnerstrach.



Austellungsvitrinnen am CNIS

CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

# Austellung am CNIS

CGDIS CGDIS

Am Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS) ass zanter e puer Méint e Stéck Geschicht ze entdecken. Zënter Oktober stinn am Gank vum État-Major nei Vitrinne, an deene kleng temporär Ausstellungen ze gesi sinn.

De Musée „Ale Pompjeesschapp Senningen" hat fir dës éischt temporär Expo, vun Oktober bis Dezember, e puer Stécker aus senger Sammlung ausgestallt.

D'Ausstellung hat eng Rei historesch Ausrüstungsstécker aus der Brandbekämpfung: Paradenhelmer aus dem 19. a 20. Joerhonnert aus Lëtzebuerg an dem Ausland, souwéi Kapen aus Däitschland, Holland, England, New York an aus Lëtzebuerg, gewisen. Dobäi koum och Asazmaterial wéi Pyrene-Feierläscher aus de 1950er Joren oder Piipserten a Funkgeräter aus den 80er bis haut, dobäi.

Ee grousse Merci op dëser Plaz un de Gilbert Sauber, Grënner vum Musée „Ale Pompjeesschapp".

Fir d'Saison 2026 unzefänke maachen den Eric Di Millo an de Mike Zoller eis d'Éier een Deel vun hierer Privat-Sammlungen u Modell-Gefierer auszestellen. Ze gesi sinn Ambulanze vun der Protection Civile, RTW'en vun de Stater Beruffspompjeeën an och eng exhaustiv Auswiel u Gefierer aus dem Fuerpark vum CGDIS an aus de fréiere Gemengecorpsen.

Wann dir déi nächste Kéier am CNIS sidd, kënnt dir iech dës Ausstellung an aller Rou ukucken. A wann dir nach méi wëllt gesinn, kënnt dir een Ofstiecher bei engem vun deenen 3 Pompjeesmusée maachen.

Wann dir historesch, kuriéis oder rar Géigestänn zur ziviller Sécherheet hutt an dës am CNIS wëllt ausstellen, kontaktéiert eis gären iwwert follgend Adress: communication@cgdis.lu



Exposition CNIS









Ale Pompjeesschapp Senningen




De gauche à droite: Paul Schroeder, Alain Becker, Léon Gloden

CERCLE CITÉ

# Bärbelfeier 2025 : le CGDIS célèbre la Sainte-Barbe et réaffirme ses engagements

CGDIS CGDIS

Comme chaque début décembre, les pompiers du Luxembourg ont honoré leur patronne et protectrice, la Sainte-Barbe. Cette année, la Bärbelfeier du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) s'est tenue au Cercle Cité, en présence des forces vives de la nation, des partenaires de la sécurité civile et des cadres du CGDIS. Cette célébration annuelle constitue un moment privilégié pour dresser le bilan de l'année écoulée et mettre en lumière les accomplissements des membres volontaires et professionnels du Corps.

Dans son discours inaugural, le Directeur général du CGDIS, Paul Schroeder, a rappelé l'évolution du CGDIS depuis sa création. En sept ans, le Corps a dépassé le seuil des 500 000 interventions, dont une grande majorité relève du quotidien, « souvent discrètes mais essentielles à la sécurité publique ». Il a souligné l'importance de la prévention, des formations destinées au grand public et de la disponibilité opérationnelle lors des grands événements nationaux.

Paul Schroeder a également insisté sur les besoins en recrutement, tant volontaire que professionnel, afin de répondre aux objectifs de la prochaine génération du Plan National d'Organisation des Secours (PNOS). Selon lui, seul un investissement durable permettra d'améliorer encore les délais d'intervention, de renforcer les capacités de réponse et d'assurer la continuité des activités en cas de crise. Il a conclu en rappelant les quatre valeurs fondamentales du CGDIS : engagement, fiabilité, attitude professionnelle et solidarité.

Le Président du conseil d'administration, Alain Becker, a pour sa part mis l'accent sur la reconnaissance de l'engagement volontaire et professionnel. Il est revenu sur une étude interne menée à grande échelle, qui a permis de dresser le profil actuel du pompier volontaire, dont la disponibilité a évolué au fil du temps. Les conclusions des récentes assises du volontariat, centrées sur cette thématique, fourniront des éléments essentiels pour garantir l'avenir d'un modèle de secours au service de la résilience nationale.

Le Ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, a rappelé que la sécurité civile constitue un pilier majeur de la stratégie nationale de résilience « Lëtz prepare ». Il a souligné la nécessité pour le CGDIS de rester performant afin de permettre à la population de réagir correctement en cas de crise. Le projet de loi à venir intégrera pleinement RESC LU, au bénéfice des communes et du dispositif de sécurité civile.








Quelques impressions de la réception en l'honneur de Sainte-Barbe.

À l'occasion de cette Sainte-Barbe, le CGDIS a réaffirmé son engagement à renforcer la résilience du pays, moderniser son organisation, attirer davantage de volontaires et de professionnels, et maintenir un service de secours à la hauteur des défis actuels et futurs.

La cérémonie a également été marquée par la remise de lettres de félicitations à quatre membres des services de secours, récompensés pour leur engagement sans faille au service de la population :

- Patrick RAUS, pour son intervention du 7 janvier 2025 lors de la prise en charge d'une victime emportée par le courant de l'Alzette ;
- Steve SCHON, pour la mise en sécurité par hélitreuillage de personnes bloquées dans un immeuble de grande hauteur en feu à Liège le 25 juin 2024 ;
- Philippe DUGOURD, pour la même intervention à Liège ;
- Miguel PEREZ SANCHEZ, également pour son engagement lors de cette opération de sauvetage.

À travers cette célébration, le CGDIS réaffirme sa volonté de poursuivre son développement et de continuer à servir la population avec détermination et excellence.



De gauche à droite: Alain Becker, Léon Gloden

CERCLE CITÉ

# Réception de Nouvel An de la sécurité civile

CGDIS  Ministère des Affaires intérieures

Comme il est de tradition, la Direction Générale de la Sécurité Civile du Ministère des Affaires intérieures a convié en ce début d'année les cadres volontaires et professionnels du CGDIS ainsi que des représentants des acteurs nationaux œuvrant pour la sécurité civile à une réception de Nouvel An.

Organisée mercredi 28 janvier 2026 à Berringen, dans la commune de Mersch, cette rencontre a permis au Ministre des Affaires intérieures Léon GLODEN de s'adresser aux acteurs de terrain qui s'engagent tout au long de l'année en faveur de la sécurité de la population.

Le choix de tenir ladite réception à Mersch n'est pas le fruit du hasard a mentionné Daniel Marques, Chef CIS sortant et échevin de la Commune. Outre sa position géographique centrale, le CIS Mersch, dorénavant classé catégorie III, dispose depuis peu de deux RTWs. Par ailleurs, c'est sur le territoire de la commune que sera érigé le futur Centre d'Appui Logistique et Technique, « CALT 2.0 ».

Après l'allocution de bienvenue du Président du conseil d'administration Alain Becker, Léon GLODEN a remercié tous les acteurs présents et plus particulièrement le CGDIS qui, avec ses partenaires, constitue le bouclier de la sécurité civile au Luxembourg comme à l'étranger.

Il est ensuite revenu sur les grands projets en cours, notamment la diffusion de la charte des valeurs ou encore la nouvelle version du PNOS qui servira de document directeur pour encore améliorer la prise en charge des patients et garantir l'exécution des missions inhérentes aux services de secours.

Le ministre a également passé en revue les projets législatifs actuels comme les amendements à la loi du CGDIS, les règlements grand-ducaux relatifs à l'allocation de reconnaissance des vétérans ou encore ceux concernant les grades. Il a souligné que RESC-LU disposait dorénavant d'une base légale afin de pouvoir dans le futur soutenir les communes dans le cadre de catastrophes. Il a enchaîné sur l'importance du niveau local et communal pour assurer la résilience du pays en accord avec la stratégie nationale de résilience du Haut-Commissariat à la Protection Nationale.

Pour conclure le Ministre des Affaires intérieures a soulignés les travaux en cours concernant le statut des volontaires au sein du CGDIS avant de remercier une nouvelle fois tous les volontaires et professionnels qui s'engagent quotidiennement pour leurs pairs.





Quelques impressions de la réception.

La délégation des pompiers du CGDIS



CGDIS

LUXEMBOURG - SINGAPOUR

# Une coopération à 10 000 km de distance

**Les liens amicaux entre les pompiers du Luxembourg et de Singapour**

Suite à la création du CGDIS, le développement des relations internationales a été l'une des priorités de la Direction Générale, le tissage de liens forts avec nos voisins directs ayant permis d'améliorer la réponse opérationnelle entre pays limitrophes. Au fil des années, d'autres partenariats plus lointains ont émergé, parfois de manière inattendue. C'est ainsi qu'est née une relation singulière avec un pays à plus de 10.000 kilomètres : Singapour.

Tout a débuté lors d'une remise de diplômes en présence du général Jean-Claude Gallet de la Brigade des Sapeurs-pompiers de Paris (BSPP). Après une présentation sur l'incendie de la cathédrale Notre-Dame de Paris, il a souligné son appréciation de la réforme des services de secours et de la création du CGDIS en mentionnant par la même occasion les similitudes qu'il voyait entre la BSPP, le CGDIS et la Singapore Civil Defence Force (SCDF), ceci non seulement au niveau de leurs missions, mais également de leur organisation respective. Suite à une première visite du Directeur général Paul Schroeder à Singapour en 2023, suivie de la visite officielle d'une délégation en 2024, l'année 2025 fut marquée par deux événements d'importance ancrant le rapprochement entre la SCDF et le CGDIS.

**Visite d'État au CNIS**

Dans le cadre d'une visite d'État, le CGDIS a accueilli le 28 mars 2025 S.E. le Président de la République de Singapour, M. Tharman Shanmugaratnam, et le Commissaire de la Singapore Civil Defence Force (SCDF) Eric Yap. Le point d'orgue de cette visite a consisté en la signature d'un Memorandum of Understanding (MoU) entre la SCDF et le CGDIS afin d'officialiser les relations entre les deux entités et ainsi d'ouvrir la voie à de plus amples coopérations et échanges à l'avenir.

Article Magasin Honnertzwielef112 N°15

**Une délégation luxembourgeoise en mission à Singapour.**
Afin de concrétiser les premières pistes discutées lors de cette visite d'État, une délégation pluridisciplinaire du Luxembourg s'est rendue à Singapour durant la semaine du 15 au 22 novembre 2025. Dirigée par le Ministre des Affaires intérieures Léon Gloden, elle a réuni le Directeur général du CGDIS, le Directeur général de la Police, des membres du Ministère mais également des pompiers et membres du personnel administratif du CGDIS.

Outre de nombreuses réunions bilatérales, la délégation a notamment pu visiter la Civil Defence Academy et plus précisément le « Emergency Responders Fitness Conditioning and Enhancement Lab (EXCEL) ». Ce centre ultramoderne permet de suivre la condition physique et mentale de tous les membres des services de secours, et de leur proposer un programme d'accompagnement à la carte afin de maintenir et d'augmenter leur condition physique et mentale tout au long de leur carrière. Découlant de cette approche scientifique, la SCDF a par exemple mis en place un véhicule de reconditionnement des pompiers en intervention qui, à l'instar du Soutien Sanitaire en Intervention (SSI) prend en charge les pompiers en intervention.

Article centre EXCEL

Communiqué du ministère

**Une présence active du CGDIS sur plusieurs fronts**
SIDEX (Singapore International Disaster and Emergency Management Expo)
Du 19 au 21 novembre, SIDEX, la plus grande exposition dédiée aux services de secours en Asie regroupant 300 exposants du monde entier, a accueilli plusieurs milliers de visiteurs. Outre de nombreux stands et démonstrations, cette manifestation annuelle propose également un programme de conférences et de networking.

Le CGDIS a eu l'opportunité d'y tenir un stand et ainsi de se présenter aux partenaires de Singapour mais également de la région Asie-Pacifique. En parallèle, le Directeur général Paul Schroeder est intervenu lors d'une conférence intitulée « Empowering and protecting through Community - Centric Emergency Readiness » portant sur l'importance de pouvoir compter sur une population résiliente pour pouvoir réagir adéquatement en cas de catastrophe.



Paul Schroeder lors de la conférence.

CGDIS · CGDIS / SCDF

SGFPC (Singapore Global Firefighters and Paramedics Challenge)

Comme en 2024, une délégation de 4 pompiers professionnels encadrés par un officier a participé durant 5 jours au challenge. On retiendra notamment le « rip it off Challenge », consistant à désincarcérer et prendre en charge une victime d'un véhicule accidenté, ou encore le « braveheart challenge », un parcours individuel consistant à réaliser 8 épreuves d'affilée nécessitant force, agilité, technique, mais avant tout une réelle endurance physique et mentale.

SGFPC 2025 / Challenges

SEPDM (Senios Executive Programme in Disaster Management)

Le Directeur de la Stratégie Opérationnelle, le Colonel Steve Meyer a, pour sa part, participé au programme annuel de formation et de leadership stratégique en ges tion des catastrophes. Axé sur le leadership, la technologie et les tendances émergentes pour renforcer la résilience, ce programme de 5 jours s'adressant aux hauts responsables des services d'urgence et des agences de gestion des catastrophes de la région ASEAN et Asie-Pacifique a permis au Luxembourg de mieux appréhender cette problématique au niveau international.

**Une coopération tournée vers l'innovation**

Les nombreuses rencontres et échanges avec la Singapore Civil Defence Force ont permis de partager des expertises en matière de gestion des urgences, d'innovation dans les services de secours ainsi que d'application de nouvelles technologies dans le domaine de la sécurité.

Parmi les démonstrations marquantes, on peut citer les cafards cyborg[1] ou le véhicule amphibie basé sur un Defender.

**Un partenariat appelé à grandir**

Au terme de cette mission, le Ministre des Affaires intérieures a réaffirmé l'engagement du Luxembourg à développer une coopération active et durable avec ses partenaires internationaux dans les domaines clés de la sécurité et de la protection civile.

Les liens tissés avec Singapour témoignent d'une ambition commune : apprendre les uns des autres, partager les innovations et améliorer la réponse aux crises, même à 10 000 km de distance.




De gauche à droite: Paul Schroeder, Muhammad Faishal Ibrahim, Léon Gloden, Patrick Hemmer, Eric Yap

CGDIS

**Comparatif des deux entités**

| | CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS | SCDF The Life Saving Force |
|---|---|---|
| TERRITOIRE | 2856 $KM^2$ | +- 735 $KM^2$ |
| POPULATION | +- 680 000 | +- 6,1 millons |
| INTERVENTIONS / AN | +- 72 000 | +- 247 000 |
| EFFECTIFS | +- 7 600 MEMBRES (MAJORITÉ VOLONTAIRES) | MIX PROFESSIONNELS + CONSCRITS + RÉSERVISTES |
| MISSIONS CLÉS | INCENDIE, SECOURS, URGENCE MÉDICALE | |
| ORGANISATION | SERVICE NATIONAL UNIQUE | |
| POINT COMMUN MAJEUR | SECOURS À PERSONNE DOMINANT | |



© The Straits Times

[1]Avide de toujours innover la SCDF a par exemple présenté un véhicule amphibie sur base d'un Defender lors de l'exposition. Elle a par ailleurs présenté ses cafards-cyborgs qui avaient récemment été envoyésw au Myanmar pour aider aux opérations de recherche et de sauvetage après le tremblement de terre de magnitude 7,7 qui a frappé le 28 mars, faisant plus de 3000 morts. L'idée est simple et pourtant révolutionnaire : affubler des blattes géantes d'un mini dispositif électronique de 15g avec camera, micro et GPS. Ces insectes très résistants sont lâchés dans des endroits inaccessibles aux hommes et chiens de recherche afin de faire office d'éclaireurs sous les décombres.

CGDIS © CGDIS / SCDF




















# DE PRÄIS VUM GËLLENE LIO

Jean-Jacques Schroeder
CGDIS



Fir aussergewéinlech Initiativen, am Kader vum Recrutement, der Fidelisatioun an der Valorisatioun vu Jugendpompjeeën an operationelle fräiwëllege Pompjeeën, respektiv der Promotioun vum Volontariat oder de Valeuren am CGDIS, ze würdege féiert de CGDIS eng Auszeechnung fir CIS'en a GIS'en an:

**«de gëllene Lio»**

Mat dësem Präis wëll de CGDIS déi Memberen, déi sech mat Passioun, Motivatioun, Kreativitéit an Engagement fir de Corps asetzen, besonnesch an de Mëttelpunkt stellen.

**Wéi gëtt de Präis verdeelt?**

All Joer gëtt dës Auszeechnung am Kader vun enger spezieller Zeremonie un een CIS oder GIS iwwerreecht. Eng Jury analyséiert déi ënnerschiddlech Projet'en a stellt ee Klassement, no Wierkung, Nohaltegkeet a Kreativitéit op a wielt ee Gewënner.

**Wien ka wéi nominéiert ginn?**

De Präis gëtt ëmmer un en CIS oder GIS verdeelt – egal ob d'Initiativ vun der Amicale oder enger eenzelner Unitéit aus dem CIS/GIS ausgaangen ass.

D'Nominatioun muss ëmmer de Chef de centre oder Chef de groupe maachen. Dëst per Mail un: dco-dpv@cgdis.lu oder per QR Code.

D'Deadline fir d'Kandidature ass den 31. Mäerz 2026.

Däin CIS / GIS huet am Joer 2025 eng besonnesch Initiativ lancéiert fir de Volontariat ze promouvéieren? Dann nominéier deng Unitéit iwwert däi Chef CIS/GIS fir de Präis vum gëllene Lio!

Kandidéier hei!



LA VIE À LA CASERNE




# RÉORGANISATION TERRITORIALE UELZECHTDALL

Paul Hack CGDIS



**Réorganisation des secours dans la vallée de l'Alzette entre Beggen et Mersch**

Le transfert du centre d'incendie et de secours (CIS) Luxembourg de la route d'Arlon vers le Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS) au sud de la capitale en date du 12 septembre 2021 et l'état des casernes actuelles situées entre Beggen et Mersch ont obligé les responsables du Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) à lancer un projet de réorganisation des secours dans la vallée de l'Alzette avec les objectifs principaux suivants :

- Amélioration de la couverture opérationnelle de la vallée de l'Alzette et du nord de la capitale
- Optimisation de l'organisation des secours sous le respect du cadre opérationnel posé par le PNOS, notamment la garantie d'une couverture opérationnelle en moins de 15 minutes dans 90 à 95% des opérations de secours à personne et d'incendie et de sauvetage
- Renouvellement des infrastructures par la construction de 2 nouvelles casernes

Une analyse opérationnelle sommaire d'une éventuelle réorganisation des CIS de Lintgen, Lorentzweiler, Steinsel et Walferdange a été élaborée en février 2021. Une collaboration plus étroite entre les CIS de Steinsel et Walferdange et les CIS de Lintgen et Lorentzweiler a été proposée aux responsables communaux sous condition de consolider les forces volontaires fragiles des 4 CIS et de créer ainsi de nouveaux CIS avec une forte force de frappe volontaire durable.

Suite au déménagement du CIS Luxembourg de la route d'Arlon vers le CNIS qui a engendré une délocalisation de l'isochrone de couverture[1] vers le sud de la capitale avec une dégradation de la couverture dans les parties nord-ouest et nord-est, la Direction de la Coordination Opérationnelle (DCO) a analysé différents scénarios de l'organisation future des secours pour la Ville de Luxembourg (VdL) et les communes limitrophes.

En date du 17 octobre 2022, des réflexions stratégiques du CGDIS par rapport à la future organisation des secours dans la vallée de l'Alzette furent présentées aux responsables communaux concernés. L'analyse réalisée portait en tout sur 16 communes représentant une population de 230 000 habitants (=36% du pays) et 21 500 interventions par année (=36% de la charge opérationnelle nationale). Ainsi il a été démontré que la vallée de l'Alzette ne pouvait pas être couverte de manière satisfaisante endéans 15 minutes par les CIS de catégorie 3[2] et supérieur de Luxembourg, Findel, Mamer et Mersch, et que les CIS de catégorie 2[3] présents dans la vallée seraient indispensables pour assurer la couverture dans ce secteur. À long terme, un CIS avec un effectif mixte professionnel-volontaire pourrait être envisagé dans le sud de la vallée afin d'absorber la forte sollicitation opérationnelle dans ce secteur et de garantir un départ rapide 24h/24h et 7j/7j. C'est pourquoi, il a été envisagé de remettre en état à court terme l'ancienne caserne des pompiers volontaires au Rollingergrund pour pouvoir y stationner 1 à 2 ambulances afin d'optimiser la couverture dans la région et de réduire davantage les délais d'intervention.

1 Une isochrone de couverture est une courbe ou une zone géographique délimitée sur une carte qui représente tous les points accessibles depuis un lieu de départ (CIS) en un temps de trajet maximum défini, en tenant compte du réseau routier réel, des obstacles (rivières, montagnes) et du mode de transport.

2 Les CIS de catégorie III assurent simultanément au moins un départ en intervention pour une mission de lutte contre l'incendie ou de sauvetage, un départ en intervention pour une mission de secours d'urgence aux personnes et un autre départ en intervention.

3 Les CIS de catégorie II assurent simultanément au moins un départ en intervention pour une mission de lutte contre l'incendie ou de sauvetage et un autre départ en intervention

Fin 2022, les membres des CIS de Steinsel et Walferdange ont décidé de fusionner et de créer le nouveau CIS Steinsel-Walferdange qui est opérationnel depuis le 1er janvier 2023.
La réorganisation en rubrique s'est basée sur les points suivants :

- Développement du CIS Mersch vers un CIS cat. 3 qui assurera au futur 1-2 départ(s) SAP[4] et 1-3 départ(s) INCSA[5] partiellement casernés
- Renforcement du CIS Steinsel-Walferdange et construction d'un nouveau CIS à Steinsel qui assurera 1-2 départ(s) SAP casernés et 1-2 départs INCSA non casernés. Le futur CIS appelé « CIS Uelzechtdall » de cat. 2bis remplacera les casernes actuelles à Steinsel, Walferdange et Rollingergrund.
- Fusion des CIS de Lintgen et Lorentzweiler et construction d'un nouveau CIS Lintgen-Lorentzweiler à proximité du rond-point Lorentzweiler/A7. Le nouveau CIS cat. 2 assurera 1-2 départs INCSA. La caserne actuelle à Lorentzweiler sera mise hors service et la caserne à Lintgen pourra être utilisée à d'autres fins.
- Renforcement du CIS Findel en personnel afin de pouvoir développer son côté « landside » et de pouvoir assurer un départ SAP en journée en semaine.

En 2023, des réunions avec les responsables communaux concernés ont eu lieu au sujet de terrains potentiels pour la construction des futurs CIS Uelzechtdall et Lintgen-Lorentzweiler.

L'annexe du CIS Luxembourg au Rollingergrund fut mise en service en avril 2024. Y sont stationnées 2 ambulances en journée et 1 durant la nuit et le weekend, de même que les jours fériés. Un 1er bilan réalisé en juillet 2024 a montré que les délais d'arrivée sur place ont été réduits jusqu'à 2 minutes, notamment aussi dans les communes de Steinsel et Walferdange.

Le projet de la réorganisation des secours de Lintgen, Lorentzweiler et Mersch et des pistes stratégiques pour le développement et l'organisation des secours dans cette région a été présenté aux pompiers des 3 CIS le 30 septembre 2024 à Lintgen, ceci en présence du directeur général ainsi que de responsables de la DCO et de la Zone de secours Centre.

A partir du 1er janvier 2025, les CIS de Lintgen et Lorentzweiler ont une permanence commune INCSA, ceci en vue de la fusion des 2 CIS prévue pour janvier 2026.

En février 2025, le CIS Mersch a reçu son premier Chef-CIS professionnel en la personne de l'adjudant Christian Dimmer, remplaçant l'ancien chef volontaire, le Lieutenent 1ère classe Daniel Marques.

Depuis juillet 2025, l'auto-échelle du CIS Lintgen est stationnée au CIS Mersch. Les ambulances y seront transférées le 2 janvier 2026.

L'étude de la couverture opérationnelle de la vallée de l'Alzette a mis en lumière à la fois les défis majeurs liés à l'optimisation de la réactivité et de la disponibilité des CIS dans cette région. La création des nouveaux CIS de cat. 3 et 2bis représente une avancée significative pour renforcer la sécurité locale. En effet, ces nouveaux CIS peuvent contribuer à une meilleure répartition des ressources, réduire les délais d'intervention et améliorer la coordination globale.

Les simulations ont bien confirmé que le CIS Uelzechtdall de cat. 2bis avec 1-2 départ(s) SAP au sud de la vallée sera nécessaire afin de pouvoir garantir la couverture opérationnelle dans des délais raisonnables. Grâce au développement du CIS Mersch comme CIS cat. 3, on remarque aussi une nette amélioration de la couverture SAP au nord-ouest de la commune de Mersch. (voir figure 1)

Depuis la fusion des CIS de Steinsel et de Walferdange, les délais de départ se sont nettement améliorés. Le site potentiel pour une nouvelle caserne situé à Steinsel permettra de créer une solution durable pour le maintien d'un CIS volontaire dans cette région. Un renforcement en PP devra cependant être prévu au futur CIS Uelzechtdall.

L'idée de regrouper les CIS de Lintgen et de Lorentzweiler sur un nouveau site à proximité du rond-point Lorentzweiler/A7 ne permettra non seulement de couvrir les 2 communes, mais, grâce à son positionnement à proximité de l'A7 avec les différents tunnels, le stationnement d'un ou plusieurs véhicules/équipements spéciaux (p. ex. feux de forêts, inondations, tunnels) avec les missions de renfort est aussi envisageable.

Les deux nouveaux CIS permettront de créer une forte force de frappe volontaire consolidée et durable. Les fusions en question offrent toutes les possibilités pour s'y investir, notamment aussi au niveau des jeunes pompiers. Le stationnement d'ambulances dans le CIS Mersch et le futur CIS Uelzechtdall permettra d'y recruter de nouveaux volontaires voulant s'engager au niveau SAP. C'est pourquoi il faut continuer à sensibiliser la population à s'engager auprès du CGDIS et motiver les communes et les employeurs à engager des pompiers volontaires dans leurs services et entreprises. Grâce à un bon mix de pompiers volontaires et professionnels, le CGDIS pourra faire face aux défis quotidiens.

MERCI à tous les responsables communaux ainsi qu'à tous les pompiers volontaires et professionnels ayant contribué à ce projet.

4 Secours à personne
5 Incendie-sauvetage

## Couverture opérationnelle SAP future



Figure 1 - Future couverture opérationnelle SAP avec les CIS Mersch et Uelzechtdall casernés

INSIGHT CGDIS

Zënter dem 1. Oktober ass de Steve Meyer de neien Direkter vun der Direction de la Stratégie Opérationnelle (DSO) vum CGDIS.

# Steve Meyer: neien Direkter vun der DSO

CGDIS CGDIS



Steve Meyer

Zënter dem 1. Oktober 2025 ass de Steve Meyer de neien Direkter vun der Direction de la Stratégie Opérationnelle (DSO) vum CGDIS. Och wann d'Roll fir hien nei ass, ass säin Engagement am Rettungswiesen alles anescht wéi dat. Säi Parcours fänkt scho ganz jonk un: mat aacht Joer ass hien an d'Jugendpompjee gaangen an huet sech duerno laangjäreg fräiwëlleg am CIS Mamer an am CIS Kahler engagéiert. Hie schafft sech duerch d'Hierarchie bis hin zum Emploi vu Sektiounschef, parallel zu engem Studium als Bauingenieur.

Nom Studium schafft hien e puer Joer an der Privatwirtschaft, éier hien d'Opportunitéit ergraff huet, an d'Verwaltung vun de Rettungsdéngschter (Administration des services de secours) ze wiesselen, an dat an enger Zäit, wou d'Grondlage fir de CGDIS virbereet goufen. Do begleet hien ënner anerem d'Bauprojeten, virun allem de Chantier vum CNIS, an iwwerhëlt den 1. Juli 2018 d'Leedung vum Departement Bâtiment. Vun engem eenzege Mataarbechter am Ufank wiisst d'Ekipp op 25 Leit, déi zesumme fir de Patrimoine immobilier vum CGDIS zoustänneg sinn. Gläichzäiteg engagéiert hien sech operationell als Compagniechef.

**Eng nei Etapp**

No 8 Joer an der Direction des Moyens Logistiques mat virun allem bautechnesche Missiounen am Kontext vum CGDIS huet sech fir hien d'Fro gestallt, ob et Zäit wier, eng nei Richtung anzeschloen. D'Méiglechkeet, an der DSO matzeschaffen, huet hie wéi eng logesch Etapp gesinn:

Hie seet, datt säi bau- a plangungstechnesche Background eng wichteg Ressource bleift, well et och an der Preventioun a Previsioun vill ëm Gebaier, Infrastrukturen a laangfristeg Planifikatioun geet. Zousätzlech huet hien eng staark Affinitéit fir Projeten, Strategie an Zukunftsvisiounen entwéckelt. Den Iwwergang op eng Direktiounsroll erlaabt et him, net nëmmen d'Projet'en ëmzesetzen, mee d'Strategie selwer matzedefinéieren an nei Impulser anzebréngen.

D'Motivatioun war also kloer: den Horizont vergréisseren, méi strategesch Verantwortung iwwerhuelen an d'Erfarunge vum Terrain an d'Entwécklung vum CGDIS afléissen ze loossen.

**D'DSO – d'Strategie hannert dem Asaz**

D'DSO baséiert op véier grouss Pilieren am operationelle Beräich:
Preventioun, Previsioun, Planifikatioun an de Retour d'Expérience.

- Preventioun: Risiken identifizéieren a reduzéieren, bautechnesch Sécherheet optimiséieren, Accès a Strukturen an der Raumplanung besser integréieren an dat och schonn op Niveau vu PAG a PAP.
- Previsioun: Doktrinnen a Grondlagendokumenter ausschaffen, sou datt den Asaz esou effizient wéi méiglech ka preparéiert ginn.
- Planifikatioun: Konzeptiounen an Dispositiffen ausschaffen, Risiken analyséieren, Manifestatiounen evaluéieren an déi passend Moyenen definéieren.
- Retour d'expérience: Aus Asazsituatiounen an Übunge léieren, Verbesserungspotential identifizéieren a kontinuéierlech un de Methode schaffen.

D'DSO ass eng kleng Direktioun mat zwee Departementer, Preventioun a Planifikatioun. Mee hir Aarbecht ass immens breet a komplex. Vill dovunner geschitt am „Travail en amont", oft onsichtbar fir den Terrain, mee entscheedend, fir datt en Asaz gelonge ka verlafen.

**Prioritéiten a grouss Dossieren**

Eng vun den Haaptprioritéite fir déi nächst Joren ass d'Revisioun vum Plan national d'organisation des secours (PNOS). Den éischte PNOS leeft aus an en neie PNOS soll d'Strategie an de Contrat opérationnel fir Period vun 2026 bis 2030 definéiren.

Dobäi geet et doréms:

- ze evaluéieren, ob d'Ziler aus der éischter Phase erreecht goufen,
- ze analyséieren, wou nach Lücken oder Verbesserungspiste bestinn (z. B. d'Erreeche vun Asazplazen a 15 Minutten),
- nei Risiken a gesellschaftlech Entwécklungen anzebannen: Klimawandel, extrem Wiederphänomener, geopolitesch Onsécherheeten, Resilienz vun der Bevëlkerung.

Zousätzlech steet de „Corpus Doctrinal" am Mëttelpunkt: déi ganz Sammlung u Reegelwierker a Richtlinnen, déi d'Basis fir operationellt Handelen definéieren. Standardiséiert a systematesch Ausschaffe vun dësen Dokumenter am Aklang mat der Realitéite vum Terrain, ass eng aner grouss Erausfuerderung.

Och den Avis de prévention spillt eng ëmmer méi grouss Roll an engem Staat, deen „méi séier wëll bauen". De CGDIS muss präzis an zäitno Avis'en ausstellen, an dat bei ëmmer méi komplexen a moderne Bauweisen (Holzbau, begréngte Fassaden, Energieeffizienz…).

**Zesummenaarbecht a Mënschlechkeet**

D'DSO funktionéiert nëmmen duerch eng enk Zesummenaarbecht mat den aneren Direktiounen, mat den Zonen an de CIS'en. Fir de Steve Meyer ass kloer, datt de Wee vun den Iwwerleeungen an d'Kommunikatioun heiansdo ze laang ass, an datt dat ee vun de Punkte gëtt, un deenen hien aktiv wëll schaffen. E staarkt Hin-an-Hier tëscht Direktioun an Terrain ass essenziell, fir datt Konzeptiounen och wierklech am Alldag funktionéieren.

Wéi hien an d'DSO komm ass, war fir hien dat Wichtegst, d'Mataarbechter kennenzeléieren: Wie si si? Wat maachen si? Wou leien hir Kompetenzen? Hien ënnersträicht, datt Experten an de Fachberäicher déi grouss Aarbecht droen, an datt seng Roll éischter déi vum « Chef d'orchestre » ass, hie muss d'Zännrieder zesummenzebréngen, ënnerstëtzen a Prioritéite setzen.

**E Message un d'Pompjeeën**

Zum Schluss huet de Steve Meyer e klore Message fir d'Pompjeeën, fräiwëlleg wéi professionell:

Hien ënnersträicht, wéi wichteg et ass, op der Aarbecht opzebauen, déi scho gemaach gouf, d'Dossieren, déi nach net ugefaange sinn, virunzedreiwen an de Retour vum Terrain konsequent an d'Strategie ze integréieren. Fir hien ass de CGDIS e liewege System, deen no dem Prinzip « Plan – Do – Check – Adapt » funktionéiere muss: ëmmer erëm a Fro stellen, léieren a sech un nei Gegebenheeten upassen.

D'Zil bleift dat selwecht wéi op sengem Posten am Département Bâtiments: déi bescht méiglech Konditioune schafen, fir datt d'Ekippe virum/am/nom Asaz effizient, sécher an erfollegräich kënne schaffen.









SOUS LES PROJECTEURS

# CHARTE DES VALEURS



CGDIS CGDIS

D'Charta vun de Wäerter vum Corps Grand-Ducal d'Incendie et de Secours reflektéiert déi fundamental Prinzippien, déi eisen Asaz am Déngscht vun der Bevëlkerung leeden. Engagement, Zouverlässegkeet, Professionell Astellung a Solidaritéit stinn am Mëttelpunkt vum alldeeglechen Handele vum CGDIS.

Dës Charta riicht sech u jiddereen: Pompjeeën, fräiwëlleg a berufflech, administratiivt an technescht Personal, esouwéi jonk Pompjeeën a Veteranen. Si vereenegt eis ronderëm eng gemeinsam Ethik a stäerkt dat onëmgänglecht Vertrauen tëscht eisem ëffentleche Service an der Bevëlkerung, där mir déngen.

Am Numm vum Verwaltungsrot soen ech all Member vum CGDIS Merci fir säin Asaz a seng professionell Astellung.



**Alain Becker**
President vum Verwaltungsrot

Säit der Grënnung vum CGDIS hu Fortschrëtt a Weiderentwécklung eng elementar Plaz am Rettungsdéngscht. Villes huet sech an deene leschte Jore geännert, dorënner d'Bevëlkerung, d'Aarbechtskonditiounen an och d'Leit déi wëlle Pompjee sinn oder ginn. Aus deem Grond gouf d'Decisioun getraff d'Wäerter vum CGDIS, déi nach vu fréieren Zäiten iwwerholl gi sinn, zesumme mat de Memberen z'iwwerschaffen.

Wärend e puer Méint sinn a verschiddenen Aarbechtsgruppen, zesummegestallt aus fräiwëllegen an haaptberuffleche Pompjeeën, Offizéier, Gesondheetspersonal, Instrukteren, administrativem an techneschem Personal, souwéi de Kaderen aus verschiddenen Direktioune, Workshoppen organiséiert ginn.

Jiddereen deen sech gemellt huet fir un der Ausschaffung vun der neier Charte des valeurs ze hëllefe konnt an den organiséierten Atelier'en seng Meenung an Iddi'e mat afléisse loossen an huet dozou bäigedroen eng Basis fir eng gemeinsam Orientéierung fir d'Pompjeeën an all Mataarbechter ze schafen.

De Prozess vun der Ausschaffung vun der neier Charte des valeurs ass vun engem Ethik-Expert vun der Firma Moral Factory begleet ginn.

Déi nei Charte des valeurs vum CGDIS ass de 25. September 2025 vum Verwaltungsrot vum CGDIS validéiert ginn an an de Règlement intérieur integréiert ginn.

D'Charte des valeurs definéiert d'Grondwäerter déi d'Handele vun alle Membere vum Corps leeden an ënnerstäicht e professionellt, verantwortungsbewosst a respektvollt Handelen, souwuel bannent dem CGDIS wéi och géigeniwwer der Bevëlkerung.

### Professionell Astellung, Engagement, Solidaritéit an Zouverlässegkeet

Eng **professionell Astellung** gëtt vum CGDIS vun all fräiwëllegem an haaptberufflechem Member erwaart. Zesumme ginn déi villsäiteg Aufgabe kompetent a gewëssenhaft erfëllt, an Erausfuerderunge gemeeschtert.
Eng vertrauensvoll Kommunikatioun an eng kontinuéierlech Weiderentwécklung erlaben et, och komplex Situatiounen ugepasst an effizient ze léisen.

Och d'**Engagement** spillt eng zentral Roll am Alldag vum CGDIS. Engagéiert a passionéiert erfëllen d'Memberen hir Missiounen am Interêt vun der Gesellschaft. Als Eenzelpersoun an als Ekipp handele si couragéiert an devouéiert, mat Häerz a Verstand. All Member setzt sech fir de Schutz vu Mënschen, Ëmwelt a Besëtz an.

En anere fundamentale Wäert ass d'**Solidaritéit**. D'Solidaritéit gëtt souwuel bannent dem CGDIS, wéi och an der Gesellschaft gelieft. Mat Respekt, Disziplin an Empathie ënnerstëtzen d'Memberen sech géigesäiteg a schaffen enk mat allen impliz éierten Acteuren zesummen. Duerch e staarken Teamgeescht erfëllt de CGDIS seng Missioun am Déngscht vun der Allgemengheet mat ganzem Asaz.

D'**Zouverlässegkeet** ass en onverzichtbare Bestanddeel vun der Wäerte-Charta. Op de CGDIS ass Verlooss. Duerch Zouverlässegkeet an Integritéit gëtt Vertrauen an Inklusioun geférdert, souwuel bannent dem CGDIS wéi och an der Gesellschaft. D'Membere schaffe respektvoll, ouni Virurteeler, a behandele jidderee gläich.

## ENGAGEMENT

**Engagéiert** a passionéiert erfëlle mir eis Missioune beim CGDIS am Interêt vun der Gesellschaft.

Als eenzel Persoun an an der Ekipp si mir couragéiert an dévouéiert mat Häerz a Verstand dobäi.

Responsabel a motivéiert schütze mir an Noutsituatiounen eis Matmënschen an Déieren, eis Ëmwelt a Gidder.

## ZOUVERLÄSSEGKEET

Op eis ass Verlooss!

Eis **Zouverlässegkeet** an Integritéit fërdere Vertrauen an Inklusioun souwuel am CGDIS wéi och an der Gesellschaft.

Mir schaffe respektvoll, ouni Virurteeler a behandele jidderee gläich.

## SOLIDARITÉIT

Mir liewen eis **Solidaritéit** ënnertenaner an an der Gesellschaft.

Mat Respekt, Disziplin an Empathie ënnerstëtze mir eis géigesäiteg a schaffe mat allen impliziéierten Acteuren zesummen.

Duerch eisen Teamgeescht erfëlle mir eis Missioun am Déngscht vun der Allgemengheet mat ganzem Asaz.

## PROFESSIONELL ASTELLUNG

Am CGDIS ziele mir op déi **professionell Astellung** vun all fräiwëllegem an haaptberufflechem Member.

Zesumme beherrsche mir eis villsäiteg Aufgaben a meeschteren Erausfuerderunge kompetent a gewëssenhaft.

Eng vertrauensvoll Kommunikatioun an eng kontinuéierlech Weiderentwécklung erlaben eis och komplex Situatiounen ugepasst an effizient ze léisen.

!

**Erklärungen vum Ethik-Expert zu der Charte des valeurs**
Bei de Wäerter kënnt et ob all eenzelt Wuert a sengem Zesummenhang un. Wäerter gi bewosst an onbewosst gelieft. Si hannerloosse Spuere bei engem selwer a bei deenen aneren.

D'Membere vum CGDIS hunn hire Wäerte-Profil fir déi nächst Joren däitlech gezeechent. Si wäerten engagéiert, zouverlässeg, mat enger professioneller Astellung a solidaresch am Interêt vun der Gesellschaft ënnerwee sinn.

Déi véier Wäerter gehéiere wéi e Puzzle zesummen. Den Engagement ass dat Stéck Häerz a Verstand dat deen Eenzelen als Bierger mat erabréngt. Déi gemeinsam professionell Astellung hält déi fräiwëlleg an haaptberufflech Membere kompetent a gewëssenhaft zesummen. An deem Teamgeescht gëtt d'Solidaritéit am géigesäitege Respekt, mat Disziplin an Empathie ënnertenaner an an der Gesellschaft exemplaresch a konkret gelieft. Dofir däerf jiddereen an all Noutsituatioun op d'Zouverlässegkeet vum 112 / CGDIS zielen.

Fir dat dës geluechte Spuere frësch bleiwen an op alle verschiddene Plazen erfuerbar ginn, ass jiddereen eenzel an an der Ekipp gefuerdert, konstruktiv, kreativ a kooperativ um gemeinsame Wäerte-Profil matzeschaffen.

# Wat bedeit d’Charte des valeurs fir eis Direkteren?

**Paul Schroeder, Directeur général**

« D’Charte des valeurs faasst déi Wäerter zesummen déi fir eis all eisen deeglechen Asaz am Déngscht vun de Bierger leede soll. Si verpflicht all Member vum CGDIS, fräiwëlleg oder haaptberufflech, vum Stagiaire bis zum Generaldirekter, exemplaresch, professionell, hëllefsbereet a respektvoll vis-a-vis vun deene Leit déi eis Hëllef brauchen, awer och vis-a-vis vu senge Kolleeginnen a Kolleegen, opzetrieden an ze handelen. »

**Claude Frantzen, Directeur administratif et financier**

« D’Charte des valeurs ass fir mech de Leetfuedem deen alle Fräiwëllegen a Berufflechen déi néideg Orientatioun virweist, fir innerhalb vum CGDIS, eng beschtméiglech Zesummenaarbecht an e respektvollt Mateneen ze erméiglechen. No baussen erlaabt d’Charte eis virzeweise wat de Bierger u respektvoller a professioneller Hëllef vum CGDIS erwaarde kann. »

**Tom Barnig, Directeur de la coordination opérationnelle**

« D’Aarbecht vun de Pompjeeën a kritesche Noutsituatiounen an deenen d’Bevëlkerung eis Hëllef freet a brauch, verlaangt een enkt a vertrauensvollt Zesummeschaffen, wou jiddereen sech op deen anere verloosse muss kënnen. D’Charte des valeurs wäert eis dobäi hëllefen, als Corps nach méi zesummen ze wuessen a gemeinsam no eenheetleche Prinzippien a Wäerter ze schaffen an an den Asaz ze goen. Dëst stäerkt eis operationell Äntwert no baussen, mä och eis Kollegialitéit a Solidaritéit no bannen. »

**Steve Mack, Directeur de l’Institut national de formation des secours**

« D'Charta vun de Wäerter am CGDIS bedeit fir mech e Kompass ze hunn, deen eist Zesumme-Liewen an Zesummen-Schaffen ethesch a moralesch fixéiert.

Et ass eis Linn vis-a-vis vun de Biergerinnen a Bierger am Land a stellt Bild duer nodeem mir sollen handelen a wierken. Fir mech als « Responsabel » ass et wichteg all mäin Handelen ëmmer och am Gesiichtspunkt vun de Wäerter ze kucken/analyséieren a mech selwer ze korrigéieren, awer och meng Mataarbechter, sollt et zu Ecart’en zwëscht eiser Wäerte-Charta an dem Handele ginn.

Virun allem muss et an DNA vum CGDIS an all sengem Mataarbechter erawuessen, well nëmmen esou wann se och am Alldag gelieft ginn, mëscht Charta Sënn. »

**Steve Meyer, Directeur de la stratégie opérationnelle**

« D'Charte des valeurs ass fir mech e verbindleche Kompass dee mäin Handelen a meng Entscheedunge präägt. Di 4 Valeuren – Engagement, Zouverlässegkeet, Professionell Astellung a Solidaritéit – si fir mech Garant dass mir als CGDIS gemeinsam zu all Moment Erausfuerderungen am Déngscht vun der Allgemengheet meeschtere kënnen. »

**Alain Di Genova, Directeur des moyens logistiques**

« Dës Charte muss den Anker vum Schëff CGDIS sinn deen ëmmer d’Schëff a feste Valeure festhält. Bedeit awer och d’Verhalen also d’Kultur mat dëse wichtege Valeuren ze beaflosse fir de richtege Wee, am Respekt, mat all eenzelem an der Communautéit CGDIS ze gewähren. »

**Olivier Pierrard, Directeur médical et de la santé**

« La charte des valeurs représente pour moi un socle commun en terme d’éthique et de morale qui oriente nos décisions, guide nos comportements et permet d’élaborer une culture d’entreprise cohérente.

Elle a pour but de cimenter l’identité collective, et de renforcer la cohésion des personnels.

C’est un document qui constitue le fondement de nos engagements au-delà des obligations légales et qui doit être intégré aussi bien dans la stratégie que dans la pratique quotidienne.

Enfin elle est l’image de l’engagement de notre organisation pour nos clients et partenaires. »



Am Mëttelpunkt vum Rapport a vun den Assisen steet d'Fro, wéi sech d'Volontariat an enger gesellschaftlech a demographesch staark verännerter Landschaft nei muss positionéieren.

# ASSISES DU VOLONTARIAT: D'ZUKUNFT VUM VOLONTARIAT

Text: CGDIS · Photo: CGDIS



Vu lénks no riets: Marc Mamer, Serge Barthelmy, Claude Frantzen, Alain Becker, Jean-Jacques Schroeder

Den 29. November huet sech am Auditoire vum Centre National d'Incendie et de Secours (CNIS) déi éischt Assise du volontariat ofgehalen. Dëst war d'Geleeënheet de Rapport iwwert d'Volontariat am CGDIS, deen den État des lieux a Recommandatioune fir d'Adaptatioun vum Statut vum Volontaire am CGDIS ervirhieft, virzestellen. Dësen ass baséiert op eng Etüd, déi am Kader vum éischte PNOS ënner dem Sponsorship vum Generaldirekter vum CGDIS, Paul Schroeder, ausgeschafft gouf. Wéi de Claude Frantzen, Directeur administratif a financier vum CGDIS, eis an engem Interview erkläert: d'Assisë si gläichzäiteg de grousse Schluss vum Rapport an den Ufank vun engem luesen, iwwerluechten a gedeelte Prozess vun der Ëmsetzung.

Am Mëttelpunkt vum Rapport a vun den Assisë steet d'Fro, wéi sech d'Volontariat an enger gesellschaftlech a demographesch staark verännerter Landschaft nei muss positionéieren.

D'Volontariat ass ee wichtege Bestanddeel vum CGDIS an ëmmer erëm Sujet vun Diskussiounen. Nom éischte PNOS goufen Aarbechtsgruppen ageriicht, fir d'Mise en œuvre vu strategeschen Ziler ze begleede. Ee vun de strategeschen Ziler war et, genuch Fraen a Männer ze gewannen, fir déi villfälteg Aufgaben ze bewältegen, dat souwuel als Fräiwëllege wéi och als Haaptberufflechen.

Am Laf vun de Joren huet sech d'Engagement vun de Fräiwëllege verännert. Am Ufank vum CGDIS ass d'Zuel vun de Volontairen zeréckgaangen. « Säit 2023 konnt dëse Negativtrend awer ëmgedréit ginn: d'Nettozuel vun de Fräiwëllegen ass eropgaangen. » esou de Paul Schroeder. Trotz dësem positiven Trend bleift et eng Erausfuerderung, nach méi Fräiwëlleger ze gewannen. D'Erwaardungen an d'Besoine vun deene Leit, déi sech an de leschte siwe Joer engagéiert hunn, hu sech verännert am Verglach zu virun zéng oder zwanzeg Joer. D'Gesellschaft huet sech weiderentwéckelt, an d'Motivatioun fir sech ze engagéieren ass net méi déi selwecht. Bis elo goufen dës Observatiounen haaptsächlech op Meenungen a Gefiller baséiert. Fir méi objektiv Donnéeën ze kréien, gouf eng wëssenschaftlech Analys initiéiert.

**Etude LISER: Demographesche Kontext an „cycle de vie" vum Volontaire**

Tëscht Dezember 2023 a Februar 2024, ass zesumme mam LISER eng collecte de données organiséiert ginn, fir soziodemographesch Daten iwwer d'Volontairen am CGDIS ze sammelen. Dës si vu 4 Fuerscher vum LISER ausgewäert ginn an hunn dozou bäigedroen déi wëssenschaftlech Basis vum Rapport ze schafen.

Opgrond vun de Resultater vun der Etude, schwätzt de Claude Frantzen, Responsablen vum Projet, gäre vum cycle de vie vum Volontaire : d'Leit engagéieren sech net ëmmer op déi selwecht Aart a Weis, a net wärend hirem ganze Liewe gläich staark.

Et ginn zum Beispill:

- Jonker a Studenten, déi Zäit hunn an sech intensiv kënnen engagéieren – heiansdo och kasernéiert oder am INCSA-Beräich;
- Leit an enger Phas mat klenge Kanner oder enger ganz zäitintensiver Aarbecht, déi just nach eng reduzéiert oder aner Form vun Engagement packen;
- Pensionären, déi „dem Land eppes zréckginn" a sech no der Aarbechtszäit nei a staark abréngen;
- Persounen aus dem Ausland, déi dem CGDIS eppes wëlle bäidroen, awer vläicht nach net gutt Lëtzebuergesch schwätzen an dowéinst unbedéngt integréiert ginn.

D'Etüd weist och, datt d'Forme vum Engagement sech iwwer d'Generatioune verännert hunn. Bis an d'70-er Jore schwätzt ee vum «engagement militant» wou ee laangjäreg engem eenzege Veräin trei bliwwen ass, duerno bis an d'Joer 2010 schwätzt ee vum «post-it engagament», wou d'Leit an e puer Veräiner gläichzäiteg sinn a méi dacks wiesselen. Haut schwätzt ee vum engen hybriden Engagement, dee méi villfälteg an oft projetsbezunn, mat fixéierte Perioden, ass. Déi global Bereetschaft fir e Benevolat hëlt awer iwwert déi ganz Period net of.

Zu Lëtzebuerg kënnt nach dobäi, dass mer eng villfälteg a multilingual Populatioun hunn, an e séiere Liewensrhythmus. De Rapport hält fest, datt de CGDIS Forme vum Engagement muss ubidden, déi zu dësem Liewens- a Gesellschaftskader passen, vun der intensiver kasernéierter Präsenz bis zu méi limitéierten oder episodeschen Asätz.

**D'EU-Aarbechtszäitdirektiv: Schutz, Grozonen an Afloss op d'Aktivitéite vum Volontaire**

E weidere wichtege Punkt am Rapport a vun den Assisë war d'Fro wéi sech de Volontariat beim CGDIS zur europäescher Aarbechtszäitdirektiv verhält.

Déi Direktiv schaaft Schutzmesurë fir Aarbechter an Europa, an deem se Virgabe gëtt wéi eng maximal Duerchschnëttsaarbechtszäit vun 48 Stonnen an engem Referenzzäitraum, déi 11 Stonne Rou pro Dag festhält, eng wéchentlech Rouzäit an ee Minimum u Congé garantéiert. Derogatioune sinn ënner ganz kloer virgeschriwwene Konditioune méiglech.

Wisou dës Direktiv een Afloss op de Volontaire am CGDIS huet, ass ganz einfach ze verstoen. D'Jurisprudenz vun den europäesche Geriichter schafft dräi Haaptkrittären eraus, déi och Volontairë betreffe kënnen:

1. gi Sue verdéngt (wuertwiertlech; egal wéi vill, och wann et just 10€ steierfräi sinn),
2. gëtt eng „activité réelle et effective" ausgeüübt,
3. besteet e Lien de subordination.

A verschiddene Fäll (z. B. a Belsch a Frankräich) ass confirméiert ginn, datt Volontairen, déi eng vergläichbar Aarbecht wéi Professioneller maachen a bezuelt ginn, ënner dës Direktiv falen.

Dëst bedeit am CGDIS dat bei Fräiwëllege mat ganz héije Stonneleeschtungen, inklusiv Leit, déi bal ni Vakanz huelen an extrem vill Permanencen oder kasernéiert Déngschter maachen, sech d'Fro stellt, wéi dës Leit geschützt sinn (Erhuelungszäiten, Sozialversécherung, mental Gesondheet). Et däerf net zu engem System kommen, wou Abusen oder exzessiv Laascht iwwer Joren toleréiert ginn.

Gläichzäiteg weist d'Jurisprudenz, datt net all Form vu Permanence automatesch Aarbechtszäit ass, besonnesch wann d'Fräiheet vun der Persoun net ze staark ageschränkt ass. Dëst bedeit awer net dass mir d'Aarbechtszäitdirektiv ignoréiere kennen, mee dass mir musse Reegelen an Texter schafen, déi de Schutz vun de Leit assuréieren.

**Recommandatiounen**

Fir op d'Fuerderunge vun der Populatioun an der Evolutioun vum Engagement wéi fir der europäescher Aarbechtszäitdirektiv gerecht ze ginn, huet den Aarbechtsgrupp vum Rapport verschidde Pisten ausgeschafft, déi als Recommandatioun ziele fir d'Verännerung vum Statut vum Volontariat ze guidéieren. Dës Pisten hiewen ervir, dass méi divers Forme vun Engagement mussen ugebuede ginn – vum Benevole ouni finanziell Indemnisatioun, iwwer Disponibilitéit an Asätz, bis bei ee kontraktuelle gereegelte Freelance-Modell.

**„Return on invest": Engagement, Formatioun a gerechte Géigewäert**

Am Kader vu senger Ried op der Bärbelfeier huet de President vum Verwaltungsrot vum CGDIS, Alain Becker, d'Notioun vum « Return on invest » zitéiert, dëst a Relatioun mam Volontariat. Dobäi geet et net ëm en neit wirtschaftlecht Konzept, mee ëm eng strukturell Iwwerleeung: de CGDIS – an domat de Steierzueler – investéiert vill an d'Volontairen, notamment a qualitativ héichwäerteg



Paul Schroeder, Generaldirekter CGDIS

Formatiounen, modernt Equipement a Schutzkleedung, Infrastrukturen, medezinesch a psychologesch Betreiung souwéi zousätzlech sozial Avantagen.

D'Etüd weist gläichzäiteg kloer, datt d'Motivatioun fir sech ze engagéieren net primär finanziell ass, mee aus dem Wonsch entsteet, eppes fir d'Gesellschaft ze leeschten. Et ginn awer och Fäll, wou vill an d'Formatioun investéiert gouf, ouni datt duerno eng entspriechend Disponibilitéit oder Déngschtleeschtung ze bemierken ass.
An deem Kontext versteet de Rapport de „return on invest" als Balance tëscht Investitioun an Engagement, baséiert op véier Haaptachsen:
Transparenz, andeems kloer definéiert gëtt, wat eng bestëmmte Form vu Volontariat bedeit, dëst un Zäit, Disponibilitéit a Verantwortung, an andeems schonn am Ufank realistesch ofgekläert gëtt, ob eng proposéiert Form zur Liewenssituatioun vun enger Persoun passt.

Differenzéierung vum Engagement, well ee statutaresche Modell net all Motivatiounen a Liewenssituatioune kann ofdecken. De Rapport recommandéiert dofir eng Villfalt vu Rollen a Modeller (operationell, Disponibilitéit, Freelance, Reserve, Benevolat), déi kombinéierbar sinn, awer kloer gereegelt, fir Iwwerlaaschtung ze verhënneren.

Eng nei Approche bei der Indemnisatioun, ewech vun enger strikt stonnebaséierter Logik, déi juristesch séier un e klassesche Salaire erukënnt. Diskutéiert gëtt ë. a. d'Iddi vun engem Punktesystem pro CIS, dat net nëmmen Interventiounen a Permanencen, mee och aner aktiv Bäiträg a symbolesch Unerkennunge valoriséiert.

Erwaardungen a Qualitéitsverständnis, well et legitim ass, bei héijer Investitioun a Formatioun e minimalen Engagement ze erwaarden, gläichzäiteg awer fir all Persoun eng passend Roll unzebidden – vun enger intensiver Verantwortung bis zu méi limitéierte Support- oder Benevolatsformen, jee no Liewenszyklus.
Am Kär bedeit de „return on invest" am CGDIS-Kontext also, d'Investitioun an Ausbildung an Equipement vun de Volontairen duerch e kloer definéierten, nohaltege Bäitrag zur ziviller Sécherheet zréckzebezuelen – mat méi Transparenz, Differenzéierung an Unerkennung.

**Schlusswuert**
De Rapport iwwert de Statut vum Volontariat an d'Assisë vum 29. November si keen Enn, mee de Startpunkt. Déi nächst PNOS-Period soll genotzt ginn, fir a gemëschten Aarbechtsgruppen (Verwaltungsrot, Federatioun, Direktiounen, Terrain) d'Recommandatiounen ze konkretiséieren, ze testen a Schrëtt fir Schrëtt ëmzesetzen – ouni „Big Bang", mee mat engem gemeinsamen Zil: d'Diversitéit vum Volontariat zu Lëtzebuerg ze schützen, se un déi europäesch a gesellschaftlech Realitéiten unzepassen an dobäi de Kär vum fräiwëllege Rettungsdéngscht ze erhalen.

Le volontariat au CGDIS

Interview Claude Frantzen

Video Assises du volontariat


Nicholas Poussing, LISER
Claude Frantzen, Directeur Administratif et Financier CGDIS

Planifier, analyser, anticiper : la cartographie est devenue un outil de commandement pour les secours luxembourgeois. De la 3D aux données temps réel, le SIG accompagne chaque étape du secours.

# LE SIG EN BOUSSOLE DE LA STRATÉGIE OPÉRATIONNELLE DU CGDIS

Xavier Fodor, SIGMAG N47- Décembre 2025
CGDIS




Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) est une jeune structure créée en 2018. Elle a unifié sous une même bannière les services d'incendie et de sauvetage communaux, le Service incendie et ambulance de la Ville de Luxembourg, les pompiers aéroportuaires, le service d'aide médical urgente SAMU et les unités de la protection civile du Grand-Duché. Son objectif consiste bien évidemment à offrir une réponse opérationnelle coordonnée à l'échelle du Luxembourg et le SIG se place au cœur de cette stratégie. Au sein de la Direction de la stratégie opérationnelle, le service cartographie et analyses joue un rôle central d'aide à la décision, depuis la planification des moyens jusqu'au retour d'expérience des interventions. C'est le Lieutenant Gilles Lavandier qui le dirige. « J'ai été le premier à faire du SIG au sein du CGDIS », raconte-t-il. Arrivé en 2018 comme stagiaire dans le cadre de ses études en sciences environnementales à Fribourg (Allemagne), il a peu à peu structuré ce qui allait devenir un service à part entière. « Au début, tout était à construire : les méthodes, les bases de données, les cartes de référence… ». Très vite, son double profil de géomaticien et de pompier s'est révélé précieux. « Être officier m'aide à comprendre la réalité du terrain : les abréviations, les habitudes des équipes, la logique d'une intervention. Cela change tout dans la façon de produire, en tant que géomaticien, une carte opérationnelle», affirme Gilles Lavandier. Depuis, localisé au Centre National d'Incendie et de Secours au sud de la capitale, le service rattaché au département Planification de la Direction de la stratégie opérationnelle s'est étoffé avec quatre agents. Leur mission : alimenter, fiabiliser et diffuser la donnée géographique dans tout le réseau des secours. « Notre rôle est d'apporter une vision claire à chaque niveau de commandement, qu'il s'agisse d'un chef d'agrès sur le terrain ou d'un planificateur à la direction», résume le chef du service.

**Un GéoPortail pour centraliser le SIG**

Avec plus de 70.000 interventions par an, réparties sur quatre zones et quatorze groupements, le CGDIS s'appuie sur la donnée spatiale pour analyser la couverture du territoire et ajuster ses moyens. Le SIG est notamment utilisé dans le Plan national d'organisation des secours (PNOS) pour représenter les risques, modéliser les délais d'intervention ou simuler les zones de couverture. « Nous pouvons visualiser les risques (sites industriels, infrastructures de transports, réseaux d'énergie, établissements publics…), et les ressources nécessaires à la conduite des opérations de secours, les hydrants, les voies d'accès. En somme, tout ce qui influence la rapidité et la sécurité d'une opération ». Les analyses produites servent autant aux unités de planification qu'aux décideurs. Taux de couverture, densité de population ou encore cartographie des sirènes, chaque indicateur peut être représenté visuellement. « Le SIG nous permet de quantifier et d'objectiver des

décisions. C'est plus simple d'argumenter le déplacement d'une caserne ou d'ajouter une ambulance, quand les chiffres et les cartes parlent ensemble », souligne le Lieutenant.

Lors de la création du service, la difficulté principale ne résidait pas dans l'outil, mais dans les données. « Les informations existaient, mais elles étaient éparpillées dans des fichiers Excel, des bases internes ou des documents PDF. Certaines bases n'étaient pas interconnectées, d'autres devenaient rapidement obsolètes ». Face à ce constat, le service cartographie a progressivement centralisé les données nécessaires au fonctionnement opérationnel. La mise en place d'un SIG unique a aussi permis d'harmoniser les référentiels et de préparer la construction d'un GéoPortail CGDIS destiné à devenir la porte d'entrée cartographique de l'ensemble des services.

Ce portail a été conçu pour répondre à trois objectifs issus de la stratégie interne. D'abord, rendre les cartes et applications accessibles selon les profils (zones, CIS, directions), ensuite garantir la cohérence et la sécurité des données et enfin offrir des outils opérationnels directement utilisables par les unités. « Le but est que chaque acteur trouve l'information spatiale dont il a besoin, sans devoir nous solliciter systématiquement », précise Gilles Lavandier. Techniquement, la colonne vertébrale du système repose sur ArcGIS Enterprise et ArcGIS Pro. Le CGDIS utilise également les extensions 3D Analyst, Spatial Analyst, Network Analyst et Data Interoperability. Tous ces outils sont hébergés sur les serveurs internes du CGDIS, avec une authentification sécurisée.

**La 3D au service de l'analyse opérationnelle**

Le Luxembourg dispose d'un modèle 3D national en CityGML, incluant bâtiments, terrain et mobilier urbain. Ce jeu de données a été intégré dans l'infrastructure SIG du CGDIS afin d'améliorer l'analyse des zones densément construites. « Lors d'une intervention en centre-ville, la 3D nous aide à comprendre la complexité d'un ilot ou d'une cour intérieure. Cette information est aussi utilisée pour sécuriser les vols de drones, notamment de nuit dans les zones urbaines, illustre Gilles Lavandier. Connaître la hauteur minimale d'obstacle autour du point de départ est un vrai atout ».

Par ailleurs, le service cartographie produit régulièrement des supports qui servent aux exercices de formation, notamment des simulations de crises ou des entraînements de chaîne de commandement. « Nous partons parfois d'orthophotos captées par l'unité drone après un feu ou une inondation, et nous les réimportons dans le SIG pour recréer un scénario d'analyse ». Ce travail sert autant à la pédagogie qu'au retour d'expérience. Après un événement marquant, les données spatiales permettent de revoir le déroulé, de localiser les moyens engagés, de repérer les difficultés rencontrées et de documenter la mémoire opérationnelle. Le SIG permet de rejouer un événement et d'objectiver les décisions qui ont été prises.

**Aller vers le temps réel**

Le déploiement progressif du SIG a été soutenu par un accompagnement régulier d'Esri Belux. Formations, veille technologique ou participation aux Esri Days Luxembourg, le service cartographie bénéficie d'un suivi de proximité. « Nous avons toujours pu poser des questions précises et obtenir des réponses adaptées à nos besoins métiers », note Gilles Lavandier. De même, les travaux présentés dans les événements Esri contribuent aussi à élargir la culture SIG au sein du CGDIS : « cela aide à faire comprendre aux opérationnels que le SIG n'est pas un outil d'ordinateur réservé à quelques spécialistes, mais une aide directe à la décision permettant à tous de voir la même chose et de parler le même langage géographique ».

En quelques années, la cartographie est passée du rôle de support visuel à celui d'outil structurant. Le CGDIS projette désormais d'étendre les usages du SIG vers l'aide à la décision dynamique. L'intégration de données en temps réel, notamment issues des systèmes de localisation des véhicules, ou d'outils de suivi d'intervention, ouvre de nouvelles perspectives. À plus long terme, certaines réflexions s'orientent vers des formes de jumeau numérique opérationnel, capitalisant sur la 3D, les flux en direct et les analyses prédictives. « Nous ne parlons pas encore de jumeau numérique, mais l'idée de représenter une intervention dans un espace numérique interactif est clairement dans les esprits », se projette l'officier cartographe. Son service poursuit désormais une trajectoire claire : consolider son GéoPortail, étendre les usages à toutes les unités et intégrer progressivement la donnée en temps réel pour bâtir une aide au commandement plus réactive et plus analytique. « Parce que, face à l'urgence, mieux connaître l'espace, c'est déjà gagner du temps sur l'intervention ».



# LE SIG EN BOUSSOLE STRATÉGIQUE

**PLANIFIER, ANALYSER, ANTICIPER : LA CARTOGRAPHIE EST DEVENUE UN OUTIL DE COMMANDEMENT POUR LES SECOURS LUXEMBOURGEOIS. DE LA 3D AUX DONNÉES TEMPS RÉEL, LE SIG ACCOMPAGNE CHAQUE ÉTAPE DU SECOURS.**



Crédit photo : CGDIS



Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) est une jeune structure créée en 2018. Elle a unifié sous une même bannière les services d'incendie et de sauvetage communaux, le Service incendie et ambulance de la Ville de Luxembourg, les pompiers aéroportuaires, le service d'aide médicale urgente SAMU et les unités de la protection civile du Grand-Duché. Son objectif consiste bien évidemment à offrir une réponse opérationnelle coordonnée à l'échelle du Luxembourg et le SIG se place au cœur de cette stratégie. Au sein de la Direction de la stratégie opérationnelle, le service cartographie et analyses joue un rôle central d'aide à la décision, depuis la planification des moyens jusqu'au retour d'expérience des interventions. C'est le Lieutenant Gilles Levendier qui le dirige. « J'ai été le premier à faire du SIG au sein du CGDIS », raconte-t-il. Arrivé en 2018 comme stagiaire dans le cadre de ses études en sciences environnementales à Fribourg (Allemagne), il a peu à peu structuré ce qui allait devenir un service à part entière. « Au début, tout était à construire : les méthodes, les bases de données, les cartes de référence… » Très vite, son double profil de géomaticien et de pompier s'est révélé précieux. « Être officier m'aide à comprendre la réalité du terrain : les abréviations, les habitudes des équipes, la logique d'une intervention. Cela change tout dans la façon de produire, en tant que géomaticien, une carte opérationnelle », affirme Gilles Levendier. Depuis, localisé au Centre National d'Incendie et de Secours au sud de la capitale, le service rattaché au département Planification de la Direction de la stratégie opérationnelle s'est étoffé avec quatre agents. Leur mission : alimenter, fiabiliser et diffuser la donnée géographique dans tout le réseau des secours. « Notre rôle est d'apporter une vision claire à chaque niveau de commandement, qu'il s'agisse d'un chef d'agrès sur le terrain ou d'un planificateur à la direction », résume le chef du service.

## UN GÉOPORTAIL POUR CENTRALISER LE SIG

Avec plus de 70.000 interventions par an, réparties sur quatre zones et quatorze groupements, le CGDIS s'appuie sur la donnée spatiale pour analyser la couverture du territoire et ajuster ses moyens. Le SIG est notamment utilisé dans le Plan national d'organisation des secours (PNOS) pour représenter les risques, modéliser les délais d'intervention ou simuler les zones de couverture. « Nous pouvons visualiser les risques (sites industriels, infrastructures de transports, réseaux d'énergie, établissements publics…), et les ressources nécessaires à la conduite des opérations de secours, les hydrants, les voies d'accès. En somme, tout ce qui influence la rapidité et la sécurité d'une opération ». Les analyses produites servent autant aux unités de planification qu'aux décideurs. Taux de couverture, densité de population ou encore cartographie des sirènes, chaque indicateur peut être représenté visuellement. « Le SIG nous permet de quantifier et d'objectiver des décisions. C'est plus simple d'argumenter le déplacement d'une caserne ou d'ajouter une ambulance, quand les chiffres et les cartes parlent ensemble », souligne le Lieutenant.

Page d'accueil du GéoPortail du CGDIS. Le portail est proposé en français et en allemand.



Le service propose régulièrement des cours de cartes indispensables pour mener à bien les missions confiées au CGDIS.

Lors de la création du service, la difficulté principale ne résidait pas dans l'outil, mais dans les données. « Les informations existaient, mais elles étaient éparpillées dans des fichiers Excel, des bases internes ou des documents PDF. Certaines bases n'étaient pas interconnectées, d'autres devenaient rapidement obsolètes ». Face à ce constat, le service cartographie a progressivement centralisé les données nécessaires au fonctionnement opérationnel. La mise en place d'un SIG unique a aussi permis d'harmoniser les référentiels et de préparer la construction d'un GéoPortail CGDIS destiné à devenir la porte d'entrée cartographique de l'ensemble des services.





… ou des entraînements de chaîne de commandement. « Nous partons par fois d'orthophotos captées par l'unité drone après un feu ou une inondation, et nous les réimportons dans le SIG pour recréer un scénario d'analyse ». Ce travail sert autant à la pédagogie qu'au retour …

Fields Maps commence à être déployé sur le terrain.



… déploiement progressif du SIG a été soutenu par un accompagnement régulier d'Esri Belux. Formations, veille technologique ou participation aux Esri Days Luxembourg, le service cartographie bénéficie d'un suivi de proximité. « Nous avons toujours pu poser des questions précises et obtenir des réponses adaptées à nos besoins métiers », note Gilles Levendier. De même, les travaux présentés dans les événements Esri contribuent aussi à élargir la culture SIG au sein du CGDIS : « cela aide à faire comprendre aux opérationnels que le SIG n'est pas un outil d'ordinateur réservé à quelques spécialistes, mais une aide directe à la décision permettant à tous de voir la même chose et de parler le même langage géographique ».

… quelques années, la cartographie … passée du rôle de support visuel … d'outil structurant. Le CGDIS … désormais d'étendre les … du SIG vers l'aide à la décision … L'intégration de données … réel, notamment issues des … de localisation des véhicules, … de suivi d'intervention, … nouvelles perspectives. À plus long terme, certaines réflexions s'orientent vers des formes de jumeau numérique opérationnel, capitalisant sur la 3D, les flux en direct et les analyses prédictives. « Nous ne parlons pas encore de jumeau numérique, mais l'idée de représenter une intervention dans un espace numérique interactif est clairement dans les esprits », se projette l'officier cartographe. Son service poursuit désormais une trajectoire claire : consolider son GéoPortail, étendre les usages à toutes les unités et intégrer progressivement la donnée en temps réel pour bâtir une aide au commandement plus réactive et plus analytique. « Parce que, face à l'urgence, mieux connaître l'espace, c'est déjà gagner du temps sur l'intervention ». ■ **XAVIER FODOR**




# EXERCICE lux-Airport

CGDIS
CGDIS




Le samedi 15 novembre 2025 dans l'après-midi, le site de l'aéroport du Findel a été le théâtre d'un exercice de grande envergure baptisé « SPARK 25 ». Conformément aux exigences internationales, de tels exercices doivent être réalisés tous les deux ans afin de garantir la conformité aux standards aéronautiques, de maintenir la préparation opérationnelle et d'assurer les plus hauts niveaux de sécurité en cas de situation exceptionnelle.

**Scénario et objectifs opérationnels**
Cette édition a simulé une collision entre un avion d'affaires et un minibus sur un parking proche du terminal B. Le scénario prévoyait l'évacuation des passagers et des blessés depuis les différents véhicules, ainsi que la mise en place des services médicaux sur place.

De nature interservices, l'exercice poursuivait trois objectifs majeurs :

- Tester l'efficacité des procédures d'urgence (dans un contexte aéronautique)
- Vérifier la coordination entre les différents intervenants (services de secours et personnels du site)
- Contrôler le respect des normes aéronautiques internationales (garantissant la conformité des pratiques aux standards de sécurité

**Déploiement du CGDIS**
Pour le CGDIS, cette simulation a constitué l'opportunité de mettre en œuvre ses compétences et ses moyens dans la prise en charge de nombreuses victimes et ce dans un environnement aéroportuaire. En effet, l'intervention s'est déroulée dans le strict respect des règles de sécurité propres au site et s'est intégrée pleinement dans la gestion de crise, tant sur le terrain qu'au sein de l'Airport Emergency Coordination Center (AECC) activé par lux-Airport.

Malgré les contraintes de temps et d'espace, le CGDIS a déployé :

- 53 intervenants, 5 figurants et 10 évaluateurs-animateurs,
- 20 engins,
- Un poste de commandement (ELW - Einsatzleitwagen) sur site,
- Ainsi que des représentants en salle de crise, en lien permanent avec le terrain et le centre de gestion des opérations (CGO)

**Gestion des victimes et coordination**
Grâce aux moyens déployés, notamment le nouvel outil de tri et le GW-MANV (Gerätewagen - Massenanfall von Verletzten), une douzaine de victimes ont pu être prises en charge rapidement. La coordination interservices s'est révélée fluide, permettant l'établissement précoce d'une liste des victimes et une transmission régulière des informations au centre de gestion des opérations (CGO).

**RETEX et axes d'amélioration**
Comme tout exercice de grande ampleur, celui-ci a mis en évidence des réussites mais aussi des points à optimiser. Le retour d'expérience (RETEX), en cours de finalisation, permettra d'identifier les bonnes pratiques, d'analyser objectivement les axes d'amélioration et de renforcer la préparation opérationnelle des équipes.

La Direction de la Stratégie Opérationnelle (DSO) a profité de l'occasion pour tester ses méthodes de conception, de pilotage et d'exploitation d'exercices. Les enseignements recueillis contribueront à l'élaboration d'une politique de préparation opérationnelle, à la mise en place d'un référentiel et d'un guide dédié, ainsi qu'à la création d'un outil commun de suivi des exercices.

**Conclusion**
L'exercice « SPARK 25 » au Findel illustre la capacité du CGDIS à s'intégrer pleinement dans une gestion de crise complexe, en respectant les standards internationaux et en travaillant main dans la main avec des partenaires comme lux-Airport. Au-delà de la démonstration des moyens, les exercices de ce type sont de véritables laboratoires opérationnels, garantissant que chaque intervention future gagne en efficacité et en sécurité.

SUR LA TOILE ET LES RÉSEAUX SOCIAUX

# #CGDIS112

12 Méint, 12 Posts.
Déi gréisste Momenter aus dem Joer 2025.

cgdislux



**cgdislux** Den 20. Januar war en uergt Féier zu Colmar-Bierg ausgebrach. 120 Pompjeeë waren op der Plaz.

cgdislux



**cgdislux** De 17. Februar war e klenge Mupp an de Schacht vun engem Autoslift gefall. Hie konnt awer gesond a monter gebuerge ginn.

cgdislux



**cgdislux** Um 8. Mäerz, dem internationale Weltfraendag, huet de CGDIS all senge Fraen e Merci fir hiert Engagement ausgeschwat.

cgdislux



**cgdislux** Zu Achouffe an der Belsch koum et den 12. Abrëll zu engem Vegetatiounsbrand. Déi belsch Kolleege krute vum CGDIS gehollef.

cgdislux



**cgdislux** Den 3. Mee huet d'Zone de secours Est en Zenario vun engem Vegetatiounsbrand op der Héicht vum Bësch "Haard" duerchgespillt.

cgdislux



**cgdislux** Den 2. Juni gouf de Groupe cynotechnique vum CGDIS zesumme mat der Croix Rouge op eng Persounesich geruff.

cgdislux



**cgdislux** Asaz-Taktiken an der Héischt goufen de 14. Juli bei enger Übung vum GRIMP zu Jonglënster um Sendemast gepréift.

cgdislux



**cgdislux** Vum 25. bis den 29. August ass eng Delegatioun vum CGDIS op Arganil gereest fir bei de Bëschbränn ze hëllefen.

cgdislux



**cgdislux** De 26. September duerft de CGDIS 30 nei professionell Pompjeeën a 7 nei Officier pompiers a senge Réie begréissen.

cgdislux



**cgdislux** Den 3. Oktober huet de Grand-Duc Henri säin Titel u säi Bouf, Guillaume, weiderginn. De CGDIS wënscht hinnen 2 all Guddes.

cgdislux



**cgdislux** Den 19. November war internationale Männer-dag mat Fokus op mentaler Gesondheet, Suizidpreventioun an Hoden- a Prostate-Kriibs.

cgdislux



**cgdislux** Den 13. Dezember war zu Réiden e Pony an e Gruef gefall. Zesumme mam Groupe sauvetage anmialier vum CGDIS konnt et gebuerge ginn.

# MAT LU-Alert GESÄIS DU ET KOMMEN.

**Bien alerté pour réagir correctement.**



LU Alert

**LE SYSTÈME D'ALERTE NATIONAL**

Téléchargez l'**application LU-Alert.**

**www.lu-alert.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

# MANIFESTATIONS



# CGDIS

**11 FEB** — **DAG VUM 112**
CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

**01 MAR** — **CGDIS RUN**
CENTRE NATIONAL D'INCENDIE ET DE SECOURS

**26 MAR** — **REMISE DES DIPLÔMES**
BELVAL

**25 AVR** — **PORTE OUVERTE CIS REMICH**
CIS REMICH

**15 JUIN** — **REMISE DES MÉDAILLES**
PÉTANGE

Hutt Dir eng Festivitéit mat Ärer Amicale, CIS oder soss eng Manifestatioun?
Deelt eist dëst mat op communication@cgdis.lu

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Méi Informatiounen an weider Manifestatiounen fannt dir hei:



# CGDIS RUN

## 1ER MARS 2026

### 5 KM | 10 KM

## GASPERICH



*COURSE ENFANTS*
*1 KM & 2 KM*



**112.lu**

*INSCRIPTIONS*

**OUVERT AU PUBLIC**

CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

FLA
Fédération Luxembourgeoise d'Athlétisme

spiridon
Lëtzebuerg